n° 3647

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 15:26, 15/02/2021

Lëtzebuerg, den 15/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Säit 2016 goufen uechtert d'ganzt Land insgesamt 24 fix Radaren installéiert an a Betrib geholl. Elleng de Radar an der 70er Zone tëscht Brouch a Recken am Zentrum vum Land, soll laut engem Wort-Artikel vum éischte Februar schonn 261.133 Fuerer geblëtzt hunn.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Biller hunn déi fix Radare säit hirer Opstellung bis haut gemaach (opgeschlësselt no Radar an no Joer)?
2. Ginn d'Bäifuerer, déi op de Biller vun den Infraktiounen ze gesi sinn, anonymiséiert, ier d'Biller op Servere geluede ginn? Falls nee, wéi ass dëst konform mat den europäeschen an nationale Reegele vum Dateschutz?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 15 février 2021

Objet : Question parlementaire n° 3647 du 15.02.2021 de Monsieur le Député Sven Clement et de Monsieur le Député Marc Goergen - Photos prises par le système de contrôle et de sanction automatisés

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés